N°1646
Entrée le 07.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1646 vum 10. Dezember 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Op wéi vill Experten kann de CASS aktuell fir Expertisen zeréckgräifen?*

Dem Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) stinn aktuell am service médical 4 médecins-conseil zur Verfügung op déi d'Riichter vum CASS zeréckgräifen kënnen fir medezinesch Expertisen ze realiséieren, déi an Zesummenhang mat Decisioune vun der CNS, der CNAP oder der AAA ordonéiert ginn.

Donieft hunn d'Riichter vum CASS och d'Méiglechkeet e liberal praktizéierende Spezialist aus dem Privatsecteur ze nennen.

*2. Wéi verdeelen sech déi Experten geografesch hei am Land (Kanton oder Distrikt)?*

D'médecins-conseil vum CASS hunn hire Cabinet am Gebai vum CASS, 271 route d'Arlon, L-1150 Lëtzebuerg. D'Assuréeë ginn deemno am Gebai vum CASS ënnersicht, ausser am Fall wou en externe Spezialist als Expert genannt gouf. A verschiddene Fäll nennen d'médecins-conseil och ee vun hire liberale Confrèren als Co-Expert fir eng medezinesch Expertise zu engem spezifesche Volet ze realiséieren, wéi zum Beispill de psychiatreschen oder och den neurologesche Volet.

*3. Kënnt et vir, dass Leit fir eng Kontrollvisitt bei engem Expert iwwert 50 Kilometer fuere muss?*

Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 präziséiert, gëtt d'Majoritéit vun den Assuréeën an der Stad an de Gebailechkeete vum CASS ënnersicht, ausser am Fall wou en externen Expert genannt gëtt, do fënnt d'Ënnersichung bei deem Spezialist am Cabinet statt.

*4. Wat kann de Patient ënnerhuelen an u wie kann hien sech wenden, fir ee Rendez-vous bei engem Expert ze kréien, dee méi no vun him situéiert ass?*

Am Fall wou en Assuré gréisser Mobilitéitsproblemer huet déi et him net erméiglechen e rendez-vous beim designéierten Expert wouerzehuelen, kann den Assuré sech un de Riichter wenden deen d'Expertise ordonéiert huet fir ze kucken ob et net méiglech ass en Expert ze nennen dee méi no beim Domicile vum Assuré säi Cabinet huet.

Et sief an deem Kontext nach erwähnt, dass zum Beispill bei enger Evaluatioun am Kader vun der assurance-dépendance, d'médecins-conseil vum CASS déi betreffend Persoun doheem opsichen.

Lëtzebuerg, den 7. Januar 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez